LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 28 octobre 2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

REÇU
Par Alff Christian , 15:41, 28/10/2020

**Objet :** Question parlementaire n°2899 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°2899 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vum Energieminister, der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung an der Inneministesch op d'parlamentaresch Fro n°2899 vum 24. September 2020 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen iwwert de "Parc éolien à Burden"**

1. ***Sinn déi zoustänneg Acteure fir de Bau vun enger Wandkraaftanlag net verflicht, d'Gemeng, esou bal eng Iwwerleeung zu engem Projet virleit, sou séier ewéi méiglech ze kontaktéieren?***
2. ***Wa jo, firwat ass dat am uewe genannte Fall net geschitt?***
3. ***Wann nee, gedenkt d'Regierung eng gesetzlech Prozedur virzegesinn, déi déi um Bau vun enger Wandkraaftanlag zoustänneg Acteuren dozou verflicht, vun Ufank un déi jeeweileg Gemengen aktiv mat ze involvéieren? Wéini kann ee mat der Ëmsetzung vun esou enger Prozedur rechnen?***

D'Nordenergie S.A., an dësem Fall eenzegen Acteur, huet all déi concernéiert Gemenge kontaktéiert an informéiert. Grondsätzlech muss e Projetsentwéckler déi Gemeng kontaktéieren, op där hirem Territoire hie saï Projet wëll realiséieren, well hien net zulescht och eng Baugeneemegung muss kréien. De Kontakt mat den Nopeschgemengen ass net zwéngend noutwenneg, wat an dësem Fall awer am Virfeld geschitt ass. D'Nopeschgemeng gouf an d'Bild gesat an et ass eng ëffentlech Versammlung fir d'Bierger aus der Nopeschgemeng organiséiert ginn.

4. ***An der Press konnt een noliesen, datt besuergt Bierger drop higewisen hunn, datt déi geplangte Wandkraaftanlag zu Bierden an der Nuecht 40 Dezibel ofgi géif, et wäre gesetzlech awer just 30 Dezibel erlaabt. Kann d'Regierung dës Informatioun confirméieren? Wa jo, misst dës Erkenntnis net dozou féieren, datt déi geplangte Wandkraaftanlag esou net kann opgeriicht ginn?***

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2590 vun den honorabelen Deputéierten André Bauler a Gusty Graas gouf präziséiert, datt laut den Étude vun agrééierten Experten alleguer déi lëtzebuerger Grenzwäerter op dësem Standuert agehale ginn.

5. ***Gesäit d'Regierung net och eng Gefor, datt duerch déi geplangte Wandkraaftanlag zu Bierden de Präis vun den Immobilien u Wäert verléiere kéint? Wa jo, wéi gedenkt d'Regierung de betraffene Bierger an deem Punkt entgéintzekommen?***

Et leien dem Ëmweltministère keng Informatioune vir, déi beleeën, datt zu Lëtzebuerg Besëtzer vun Haiser an der Noperschaft vun enger Wandturbinn mat engem materielle Wäertverloscht musse rechnen.

6. ***Gëtt als alternative Standuert fir déi geplangte Wandmillen zu Bierden och de Karelshaff a Betruecht gezunn, wou jo schonn eng Wandmille geplangt ass a wou - wéi et schéngt manner potentiell schiedlech Aflëss op de Mënsch ze verzeechne wieren? Wann nee, firwat gëtt de Karelshaff net a Betruecht gezunn? Wat sinn déi genee Grënn heifir?***

Fir d'Wandanlag um Karelshaff sinn déi bekannte Genehmegungsprozeduren amgaang.

7. ***Geet Är Äntwert op d'parlamentaresch Fro (N°2590) vun den honorabelen Deputéierten André Bauler a Gusty Graas an déi Richtung, datt Dir d'Problematik vum lnfraschall als négligeabel betruecht?***

D’Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2590 ass sou ze liesen, datt d’Problematik vum Infraschall bei Wandturbinne scho méi laang vum, fir Ëmwelt zoustännege Ministère, suivéiert gëtt an och weiderhi suivéiert wäert ginn. Dëst wier net de Fall, wann dee Sujet vu vir eran als negligabel ugesi gi wär.

8. ***Ass sech d'Regierung der Gefor bewosst, datt duerch déi kontrovers Diskussioun ëm déi geplangte Wandanlag zu Bierden de Projet Nordstad insgesamt op méi wackelege Been kéint stoen?***

De Projet Nordstad geet kloer weider. Den 28. Mee 2019 ass d’Nordstad Entwécklungsgesellschaft SARL vum Landesplanungsminister gegrënnt ginn, mam Zil, d’Entwécklung vum Wunnengsbau a vu wirtschaftlechen Aktivitéiten aktiv ze férderen an ze ënnerstëtzen.